

Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéierte Chamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU  
Par Alf Christian, 09:30, 05/03/2021

Lëtzebuerg, den 05/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech  
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.**

De 16te Februar 2021 huet de Mëttelstandsministère op ee Bréif vun der ASBL *Don't forget us* Folgendes geäntwert:

Il découle de ce qui précède que depuis le début de la pandémie, l'Etat a soutenu financièrement les entreprises relevant du secteur de l'horeca et que la nécessité de faire rétroagir l'aide de contribution aux coûts au mois de mars 2020 laisse d'être établie.

an

Pour les entreprises dont la perte du chiffre d'affaires se situe entre 30 et 40 pour cent, l'aide de relance apporte souvent un meilleur soutien que la contribution aux coûts non couverts.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an där si iwwert 40% Perte vum Chiffres d'affaires deklariert hunn?
2. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an der se tëscht 25% - 40% Perte vum Chiffres d'affaires deklariert hunn?
3. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an där si ënnert 25% Perte vum Chiffres d'affaires deklariert hunn?
4. Op wéi engen Donnéeë baséiert de Mëttelstandsminister seng uewen zitéiert Ausso, dass eng Hëllef besser wär wéi dat aanert?

Mat déiwem Respekt,

A stylized handwritten signature in black ink, consisting of a large, sweeping 'C' shape followed by a horizontal line and a small vertical stroke.

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes  
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 19 avril 2021

RECU  
Par Aiff Christian, 08:28, 20/04/2021

Le Ministre des Classes moyennes  
à  
Monsieur le Ministre aux Relations  
avec le Parlement

Objet: Question parlementaire no 3779 du 5 mars 2021 de l'honorable Député Marc Goergen

---

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Lex Delles

**Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand op déi parlamentaresch Fro n° 3779 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement**

Den Tableau hei drënner spigelt d'Zuelen zréck vun den Dossieren, déi bei der Generaldirektioun fir Mëttelstand um Datum vum 29. Mäerz 2021 agereecht goufen, opgedeelt no Abroch vum Ëmsaz. Dës Zuelen si regimmiwwergräifend a betreffe souwuel d'Aide de relance, wéi och d'Aide coûts non couverts.

| Abroch vum Ëmsaz   | Unzuel vun Dossieren | Undeel a Prozent |
|--------------------|----------------------|------------------|
| < 25 %             | 254                  | 2,8 %            |
| tëschent 25 a 40 % | 4.302                | 47,2 %           |
| 40 % a méi         | 4.556                | 50,0 %           |
| Total              | 9.112                | 100,0 %          |

Wat meng Ausso aus mengem Bréif vum 16. Februar betrëfft, sou baséiert dës Ausso op den Erfahrungswärter, déi mir bei de sëllegen Dossiere gesammelt hunn, déi bei eis eragereecht goufen. Wann een sech de Berechnungsmodus vun der Aide de relance a vun der Aide coûts non couverts méi genee ukuckt gëtt een sech séier bewosst, dass :

- d'Aide coûts non couverts gemengerhand méi interessant ass bei engem héijen Abroch vum Ëmsaz ;
- wann ee Betrib et fäerdeg bréngt trotz de pandemiebedéngte Contrainten ee gewëssenen Ëmsaz ze generéieren, d'Aide de relance am Prinzip progressiv méi attraktiv gëtt, wat den Abroch vum Ëmsaz méi geréng ass.

Dëse Phänomen erkläert sech duerch een Zesummespill vu méi Elementer, ënnert anerem :


1° D'Relatioun tëschent dem Ëmsaz an den 2 Regimier :

- Aide coûts non couverts : Wann ee Betrib Ëmsaz generéiert, muss dësen Ëmsaz beim Berechnen vun der Hëllef erausgerechent ginn. Et besteet hei also een negativen Impakt.
- Aide de relance : den Ëmsaz huet keng Inzidenz op d'Berechnen vun der Aide de relance. Den Impakt ass dofir neutral.

2° D'Relatioun tëschent den aktive Salariéeeën an den 2 Regimier :

- Aide coûts non couverts : Wann ee Betrib keen oder ganz wéineg Ëmsaz erziilt, sinn d'Salariéeeën am Prinzip am Chômage partiel. Dës Chômage partiel gëtt als Recette verrechent a vun de Käschten ofgerechent. Den Impakt ass deemno negativ.
- Aide de relance : Wann ee Betrib awer Ëmsaz mécht, dann ass ee substantiellen Deel vun de Mataarbechter am Betrib aktiv an et fléisst wéineg oder kee Chômage partiel. De Betrib kritt am Kader vun dëser Hëllef 1.250 € pro aktive Mataarbechter (an 250 € pro Mataarbechter, deen am Chômage partiel ass). Wat méi Leit aktiv sinn, wat d'Hëllef méi grouss gëtt. Hei ass also ee ganz kloren positiven Impakt.

Bei enger graphescher Analyse vun den Dossieren, déi tëschent Juni an Dezember 2020 fir déi 2 Regimenter eragereecht goufen, ass besonnesch opfälleg, dass den Undeel vun den Dossieren, déi een Abroch vun iwwert 40 % opgewisen hunn, am Dezember substantiell an d'Luucht gaang ass. Dëst ass bedéngt duerch d'Fermeture légale, déi den HORECA-Secteur Enn November 2020 operluecht kritt huet..



Ech erlabe mir op dëser Plaz och een theoretescht Beispill ze gi vun engem Restaurant mat 10 Mataarbechter wou d'Beträg vun deenen 2 Hëllefeng ausgerechent sinn a Funktioun vum Abroch vum Ëmsaz. Unhand vun dësem Beispill erkennt een, dass d'Aide coûts non couverts méi interessant gëtt wann den Ëmsaz substantiell abrécht. Bei engem moderaten Ëmsazabroch ass d'aide de relance finanziell vu Virdeel.

|                                               |              |              |              |              |              |              |              |              |              |              |
|-----------------------------------------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|--------------|
| (1) Ěmsaz Mount XY 2019                       | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € | 100.000,00 € |
| (2) Ěmsaz Mount XY 2021                       | 10.000,00 €  | 20.000,00 €  | 30.000,00 €  | 40.000,00 €  | 50.000,00 €  | 60.000,00 €  | 70.000,00 €  | 80.000,00 €  | 90.000,00 €  | 100.000,00 € |
| (3) Abroch vum Ěmsaz                          | 90,00%       | 80,00%       | 70,00%       | 60,00%       | 50,00%       | 40,00%       | 30,00%       | 20,00%       | 10,00%       | 0,00%        |
| (4) Lafend Käschten                           | 55.000,00 €  | 58.000,00 €  | 61.000,00 €  | 64.000,00 €  | 67.000,00 €  | 70.000,00 €  | 73.000,00 €  | 76.000,00 €  | 79.000,00 €  | 82.000,00 €  |
| (5) Aktiv Mataarbechter                       | 1            | 2            | 3            | 4            | 5            | 6            | 7            | 8            | 9            | 10           |
| (6) Mataarbechter a Kuerzaarbecht             | 9            | 8            | 7            | 6            | 5            | 4            | 3            | 2            | 1            | 0            |
| (7) Chômage partiel                           | 22.500,00 €  | 20.000,00 €  | 17.500,00 €  | 15.000,00 €  | 12.500,00 €  | 10.000,00 €  | 7.500,00 €   | 5.000,00 €   | 2.500,00 €   | 0,00 €       |
| Coûts non couverts = 90 % vun (4) - (2) - (7) | 20.250,00 €  | 16.200,00 €  | 12.150,00 €  | 8.100,00 €   | 4.050,00 €   | 0,00 €       | 0,00 €       | 0,00 €       | 0,00 €       | 0,00 €       |
| Aide de relance = (6) x 1.250 + (8) x 250     | 3.500,00 €   | 4.500,00 €   | 5.500,00 €   | 6.500,00 €   | 7.500,00 €   | 8.500,00 €   | 9.500,00 €   | 0,00 €       | 0,00 €       | 0,00 €       |